N°4084
Entrée le 01.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4084 vum 11. Mee 2026 vun den honorabelen Deputéierten Här Guy Arendt a Gérard Schockmel.**

*- Wéi eng Depistageprogrammer si schonn en Place?*

Zu Lëtzebuerg sinn de Moment zwee organiséiert Depistageprogrammer en place:

- Depistage vu Broschtkriibs (Mammographieprogramm, PM)
- Depistage vun Daarmkriibs (Organiséierte Colorectal Screeningprogrammer, PDOCCR).

*- Wou sinn d'Evaluatiounsaarbechte vun dëse Programmer drun?*

Wéi schonn an der QP 3701 erwäänt, gouf am Oktober 2025 de Projet LLUMINAS (« Luxembourg and Latvia Improving Cancer Programmes ») lancéiert.

Dës Initiativ gëtt vun der Europäescher Unioun ënnerstëtzt an huet als Zil ënner anerem d'Effizienz vun den nationale Screeningprogrammer fir Broscht- an Daarmkriibs weider ze stäerken. Dësen zweejärege Projet gëtt mat der Ënnerstëtzung vun der International Agency for Research on Cancer (IARC - WHO) an dem Erasmus Medical Centre Rotterdam ëmgesat. Esou datt dës Evaluatioun ganz ëmfaassend ass an involvéiert vill Acteuren am lëtzebuergesche Gesondheetssystem.

De Projet ëmfaasst dobäi dräi zentral Achsen :

- d'Evaluatioun vun de besteeënde Screeningprogrammer fir Broscht- an Daarmkriibs. Eng Evaluatioun vum Gebärmutterhalskriibsscreening ass och virgesinn, obwuel et sech net ëm en organiséierte Screeningprogramm handelt;
- d'Entwécklung vu gezielte Kommunikatiounsstrategien, baséierend op Erkenntnesser aus Verhalens- a Kulturanalysen;
- d'Käschten-Effektivitéitsanalyse vu Screeningprogrammer an d'Stäerkung vun den nationale Kapazitéiten, fir dës Zort vun Analysen an Zukunft duerchzeféieren an z'interpretéieren.

Eng éischt Zwëschenevaluatioun gëtt am Summer 2026 erwaart, an de Schlussbericht gëtt Enn 2027 finaliséiert.

*- Si schonn éischt Pisten opgestallt fir d'Participatioun un dëse Programmer ze verbesseren?*

De Participatiounstaux am PM an de leschte Jore progressiv geklommen ass (cf. QP 3701).

Doriwwer eraus gëtt d'Kommunikatioun ronderëm déi zwee Programmer reegelméisseg verbessert mam Objectif d'Participatioun um Screening ze erhéijen:

- Verbessert Visibilitéit vun de Programmer mat méi direktem Kontakt zu der Bevëlkerung, besonnesch am Mäerz (fir de PDOCCR) an Oktober (fir de PM) op Stänn oder duerch speziell Eventer.
- Vereinfacht Participatioun vun "aktive" Grenzgänger um PM- a PDOCCR- duerch automatesch Nei-Invitatioun, soulaang eng éischt Participatioun ugefrot gëtt.
- Erweiderung a Verbesserung vun de Verdeelungsméiglechkeete fir PDOCCR Screening-Kits, notamment duerch:
    - D'Méiglechkeet, de Screening-Kit
        - online ze bestellen;
        - perséinlech an eng Apdikt sichen ze goen;
        - direkt am Laboratoire ze kréien;
        - telefonesch ze bestellen.
- Automatesche Versand vun engem Screening-Kit un all Persounen, déi schonn um Programm deelgeholl hunn, fir de Prozess ze vereinfachen.
- Asetze vun engem Fokusgrupp ronderëm d'Mammographie, fir Barrièren an Hiewele fir d'Participatioun z'identifizéieren. Op Basis vun dësen Erkenntnesser ginn de Moment konkret Verbesserungsmesuren ausgeschafft.

*- Gedenkt d'Madamm Ministesch nach weider Programmer en Place ze setze wéi zum Beispill an Däitschland den Depistage fir Longekriibs ze detektéieren?"*

Am Joer 2024 gouf eng Machbarkeetsstudie fir e méigleche Pilotprogramm am Beräich vum Longekriibsscreening duerchgefouert di gewisen huet datt sou ee Programm nëtzlech a sënnvoll wier. D'Ausschaffung vun engem Pilotprogramm fir de Longekriibsscreening ass aktuell am Kader vum LLUMINAS-Projet amgaangen an d'Lancéierung ass fir 2028 virgesinn.

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez